**Evangelium vum 27. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)**

**Mk 10,2-12** (Kuerzfaassung)

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

2 Et koume Pharisäer bei de Jesus an hunn hie gefrot,
ob et engem Mann erlaabt wär, seng Fra fortzeschécken –
op dës Manéier wollten si hien op d'Prouf stellen.

3 Hien awer huet hinne geäntwert:
"Wat huet de Moses iech virgeschriwwen?"
4 Si soten:
"De Moses huet et zougelooss,
datt een e Scheedungsbréif schreift
an d'Fra fortschéckt."

5 De Jesus awer sot zu hinnen:
"Et ass wéinst ärer Haarthäerzegkeet,
wou hien dëst Gebot fir iech geschriwwen huet.
6 Ma vum Ufank vun der Schëpfung un
*huet hien* [den Herrgott] *si als Mann an als Fra geschafen*[i]*;*
7 *dowéinst verléisst e Mann Papp a Mamm*
*a verbënnt sech mat senger Fra,*
8 *an déi zwee ginn eent*[ii]*;*
duerfir sinn si net méi zwee, ma eent.
9 Wat den Herrgott also matenee verbonnen huet,
dat soll de Mënsch net trennen."

10 Doheem hunn seng Jünger hie weider heiriwwer gefrot.
11 Hie sot zu hinnen: "Wien seng Fra fortschéckt
an eng aner bestit,
dee brécht domat säi Bestietnes mat där éischter Fra,
12 a wann si hire Mann fortgeschéckt huet
an en anere bestit,
da brécht och si d'Bestietnes."

*G.* *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A.* *Dech, Christus, luewe mir.*

---

[i] *Gen 1,27.*

[ii] *Gen 2,24 LXX.*